Text: Cathy Clement

Modi, schéck mir eng Foto.

E grousse Problem, mat deem eis Kanner, Jugendlech an (am beschte Fall dann och) hir Eltere konfrontéiert ginn an deen ëmmer schlëmmer gëtt, ass dee vu Fotoe mat sensibelem Contenu, déi online gesat an och verschéckt ginn.

Mannerjäreger gi manipuléiert oder schécke „fräiwëlleg" esou genannte 'Nudes' u méi oder manner friem Persounen.

Drock gëtt opgebaut, et kënnt zu Erpressung.

Dat éischt Vertraue vum Kand erschläicht sech den Täter duerch Fake-Fotoen, déi hie bewosst auswielt fir extra harmlos a léif ze wierken. Op der Säit vum Kand fënnt hien dacks iwwer Biller vill Informatioune fir Gemeinsamkeeten unzeschwätzen an d'Bezéiung ze verdéiwen.

D'Affer verléiert no a no all Sécherheet a geréit an en Däiwelskrees, eleng virum Ecran, doheem a senger Kummer.

D'Thema läit mir wierklech um Häerz an den Tabu muss gebrach ginn.

Mëttesdësch. All zesummen, ausser de Papp, deen ass op der Schaff. Et schléit 13.

Mir ass et schlecht.

Ech: Ech mengen, ech muss mech iwwerginn.

Erik: Bass du gefëmmt? Et gëtt Kniddelen; Hallo!

Wilma: Mat Speck a Kompott. Ei, lecker.

Meng kleng Schwëster, riets d'Forschett a lénks de Läffel am Grapp, tuppt mam Besteck op den Dësch, voller Freed.

Wat ass dat nees fir e Sproch vum Erik fir cool ze sinn?

Ech: Wat soll dee Kommentar?

Erik: Dat seet een esou, Appetitverdierwer. Looss et stoen, wann et dir net passt. Dat hunn ech méi!

Mäi Mo dréint sech ëm, en zitt sech zesummen.

D'Mamm stellt d'Schossel mat de Kniddelen op den Dësch. Si dämpen, lues schmëlzt de Botter uewendrop.

Den Erik stierzt sech drop – an ech aus der Kichen eraus.

Ech packen et bis un de Lavabo, d'Toilette erreechen ech net. Am Schwall erbriechen ech d'Fanta, d'Schockelasrull an den Twix aus der Paus.

PIT WEYER

Näischt verdaut. Wonnert mech net.

Erleedegt kucken ech op den eeklegen, hellbronge Bräi am wäisse Porzeläin an dann erop an de Spigel. Meng Ae sinn traureg, Tréine stinn dran. Vum Drock. Dee ganze Fuck-Drock.

Ech kann net méi. Ech sinn um Enn. Et gëtt ëmmer méi!

A menger Kummer stellen ech mech vu banne widdert d'Dier.

Firwat kann ee mech net, wéi déi degelass Katz, den Offloss erofspullen a ni méi opdauche loossen? Ech schumme mech, et hëlt mir den Otem, ech si voll an der Angscht.

Ziddereg ginn ech mech sëtzen.

A mengem Pult läit mäin Tagebuch. Et ass blo a mat goldeger Schrëft steet drop: Plans for world domination. E Kaddo vum Papp aus Kanada.

Bis elo steet just masseg penibele Schrott dran. Vum José a vum Ross. Déi zwee, déi näischt vu mir wëllen. Manner wéi Null.

1000% NOPE, hat de Ross op den Ziedel gekrozelt, deen ech a senger Schachtel verstoppt hat. Firwat keen einfachen Nee?

Beim José, nach schlëmmer Blamage. „Kee brauch Flachland wéi dech! Grow some tits!"

Ni méi froen ech ee fir een Date, dee Kéis ass gefriess.

Léift Tagebuch,

Wann ech bis fort sinn, da soll d'Mamm wësse firwat. Net dass si mengt, si wier schold oder de Papp. Never ever, I love you! To the moon and back! Den Erik och an d'Wilma - hatt ganz besonnesch, meng kleng Zaubermaus. Hatt soll frou sinn, forever! Kee soll him een Hoer krëmmen!

Ech schwieren! Ech wollt guer näischt Béises, wéi ech d'Annonce opginn hu bei Easy_Inserater.lu:

Fläisseg Schülerin, 13, Babysitting nomëttes. 10 Euro/Stonn. Stad Lëtzebuerg W.G.L. Finja.Thill@yahoo.de

No 20 Minutten:

Jonichicago86@gmail.com Hi Finja, versuergs du och Grousser? Tom

Ech: Hallo Tom. Wéi al sinn är Kanner dann? Ech si nämlech just 13.

Tom: Hi Finja, NICE! Schreif op Insta, Mail = ze anonym. Däin Account? Sou kënne mir eis gesinn. Op et passt mat der Chimie. LG, Tom

Ech: Ok. Verstinn. Fin2011Sweden

Follower-Ufro ugeholl, da si Fotoen ze gesinn.

Blonde Mann mat Sonnebrëll am Hawaii-Hiem op enger Terrass beim Mier. Picknick, mam Rucksak, laang Hoer am Tuppi. Kostüm a Krawatt, Hochzäit um Séi. Beim Pirateschëff an der Stad, ëmäermelt vu Kanner, déi Smileyen hunn am Gesiicht. Och eng schwaarz-wäiss mat engem Hond.

Dee Moment gouf mir bewosst, dass een net eleng bei Friemer soll goen. Et kéint geféierlech sinn. Dat hat ech virdrun net beduecht, hat nëmmen d'Kannerversuergen am Sënn.

Tom: Flott Fotoen! Besonnesch déi am Stitch-Pyjama! Fir ze knuutschen! Fannen de Stitch och cool!

Ech: Merci. Ass dat däi Mupp?

Tom: Elo bei der Ex-Hex. Kee méi do fir ze schmusen. Hues du een?

Ech: Nee, leider net. Golden Retriever si meng Liblingshënn.

Tom: Wat een Zoufall, meng och. An däin Numm op Instagram, huet dee mat Schweden ze dinn?

Ech: Jo, mir hunn do Famill.

Tom: Ass dat Schicksal mat eis? Ech war läscht Woch nach zu Malmö on Tour.

Ech: Mat denge Kanner?

Tom: Ups, eegener hunn ech leider nach keng.

Tom: Schlëmm? Bass de béis? Sorry!

Een drolegt Gefill bannen am Bauch awer ech wollt net onmanéierlech sinn.

Ech: Nee, si net béis. Verstinn awer net?

Tom: Hat geduecht, du kéints den Hond sitten, mee kee Fluffi méi do. Sinn eleng a vermëssen e vill. Ganz einsam sinn ech!

Ech: traureg

Tom: Merci Sweetie. Ech wëll ëmmer léif sinn! Dacks kréien ech trotzdeem e Fouss hannebäi.

Ech: kennen dat

Tom: Wéi dann? Bass du och traureg? Hues du da kee klenge Kolleeg, mat deem s de duckele kanns? Een, deen dech e bësselchen tréischt?

Ech: Nee, dowéinst sinn ech jo down.

Tom: Du Aremt, ziel mir méi. Soyons honnêtes. Alles bleift ënnert eis, versprach! Du sees och näischt zu Kengem, gedu? Kussi. Hei, meng Whatsapp. Ass méi perséinlech. Da si mir richteg Frënn.

Mir hunn op Whatsapp geswitcht. Hien sot mir,

dass hien Educateur an der MR, 24 a Single ass. Um Belair lount hien ee klengt Appartement. Kaum ze bezuelen, mee Vakanze mussen awer sinn. Spéider kéinte mir zesumme reesen, duerch Skandinavien am VW Bus oder mam Zelt, sot en. All Owend hu mir geschriwwen. Der Mamm hunn ech ee Märchen erzielt vun engem Charline aus menger Klass. Si war frou iwwer meng nei BF an huet net gemault.

Tom: Du bass vill méi räif wéi aner Tozen. Eng richteg kleng Fra. Schminks du dech schonn?

Dono hat d'Mamm stonnelaang no hirem Lëppestëft vun Dior gesicht. No e puer Deeg huet si e bei mir um Nuetsdësch fonnt.

Mamm: Finja, dat ass geklaut! Et hëlt een näischt ouni ze froen. Wat hues du gemaach? En ass jo Huddel a Fatz!

Ech: Pardon, ech hat op d'Fënster gemoolt dermat.

Ech konnt hir net soen, wat wierklech war. Wéi hie sot, dass ech dru suckele soll wéi un enger Lutsch an d'Aen zoumaachen dobäi. Am Videocall. Hien huet Screenshots gemaach, sot hien dono. Fannen dat null.

Tom: Déi Boxeschësser wëssen net, wat se verpassen, meng Mod. Deng Figur ass genial!

Ech: Zwar net.

Tom: Dach, stell dech emol a réckel e wéineg no hannen. Ech kucke mir dat un.

Dat hunn ech gemaach.

Tom: Ech gesinn zwee super Hiwwel, tipptopp! Fuer selwer driwwer mat dengen Hänn.

Ech: Dat ass mir elo grad alles ze vill.

An do koum eng Foto vun him. Zur einmaligen Ansicht.

Tom: Block mech net. Wëll éierlech sinn. Hunn och Komplexer. Ass en ze kleng?

Ech: Weess net...

Mir ass et dronke ginn. Iergendwéi eekleg. Ee ruppegt Stéck Fleesch.

Ech: Hätt dat léiwer net gesinn.

Tom: Deen éischte fir dech? Geklickt hues de selwer! Goufs net gezwongen. Virwëztutt!

Ech: Ech kann net méi schreiwen. Ech hunn nach ze léieren.

Tom: Déi wichteg Saache léiert een net an der Schoul. Ok, mee da wonner dech net...

Funkstille, fënnef Deeg. D'Hoke bei menge Messagen si gro bliwwen. Scholdgefiller, ech wollt dach kee Sträit. Firwat war ech nëmmen esou kannereg? Ech konnt net méi schlofen, hu just nach getiermt. War onkonzentréiert a midd. Mathé eng Datz.

„DU, Finja, bass net normal. Sex gehéiert ëmmer derzou, dat ass Bio!" Wéi e Mantra hunn ech mir et ëmmer an ëmmer nees gesot.

Ech hunn se vermësst. D'Komplimenter, d'Nolauschteren, den Trouscht.

Ech: PARDON, dass ech et verkackt hunn. Ech wéilt scho méi oppe ginn, weess, sinn ze schei. WGL, sief net rose mat mir! So mir wat ech falsch gemaach hunn, da kann ech mech besseren.

Hoken hellblo.

Tom: Vertraue muss een sech verdéngen. Wëllkomm an der erwuessener Welt. Schéck mir en Nude! Da si mir quitt.

Ech hunn en Nude vu mir am Spigel geknipst an him geschéckt.

Ee geet him net duer. Hien wëll ëmmer méi. Mech live gesinn. Muer am Park an der Stad.

Tom: Folleg oder ech blaméieren dech iwwerall.

Douce klappt et u menger Dier.

Ech: Entrée.

D'Mamm, den Erik an d'Wilma (mam Domm am Mond).

Mamm: Wat ass lass, mäi Kand? Wou dréckt de Schung?

Ech : Näischt. Néirens.

Erik : Du bass schonn e ganze Mount nieft der Spuer. Schwätz dach mat eis!

Ech: Ech hat eppes Verduerwenes giess.

D'Wilma kënnt op mech zou an hëlt mat senger fräier Hand meng a seng.

Wilma: Ech wëll net, dass du traureg bass!

Ech gesi meng kleng Schwësterchen. Wee soll hatt schütze virun den Drecksäck, wa mol keen eppes weess? Eng Tréin mëscht sech lass. Et fléissen der honnert. Et fléissen der dausend.

D'Mama an den Erik komme ganz no an drécke mech lues an da fest. Mir stinn zesummen an halen eis un. Hei geet kee verluer. Hëllef ass do.

Cathy Clement

Cathy Clement, gebuer 1979, Schréftstellerin, Mamm, Infirmière. „Zanter ech liese kann, maache Bicher mech frou. Ouni si, wier ech net ech."